QE N°18
Entrée le 27.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2024

Betrëfft: Demande fir eng erweidert Fro

Här President,

esou ewéi et den Artikel 82 vun eisem Chambersreglement virgesäit, wéilt ech an enger nächster ëffentlecher Sëtzung dem Här Kulturminister Eric Thill, a senger Eegenschaft als den zoustännege Minister fir d'Lëtzebuerger Sprooch, eng erweidert Fro stellen.

An dëser Fro geet et ëm d'Aussoe vum Här Sproochekommissär, deen an engem Interview mam RTL sot: "D'Lëtzebuerger Sprooch gëtt am Moment sou vill benotzt wéi nach ni". Des Weideren sot den Här Sproochekommissär: "An absolutten Zuele géifen ëmmer méi Mënsche Lëtzebuergesch schwätzen." Dës Aussoen hu fir vill Verwonnerung an och Kritik gesuergt well si den Zuele vum Statec widderspriechen. De Statec hat 2023 geschriwwen:

"Par rapport au recensement de 2011, l'utilisation du luxembourgeois diminue en nombre de locuteurs, passant de 323.500 à 292.000".

Ech wéilt am Hibléck op déi genannten Aussoe gewuer ginn, op wéi eng Quellen sech hei beruff gëtt.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten